Zwanzig Jugendliche, darunter auch ein männlicher Bewerber, erhielten unter der Anleitung einer Sozialpädagogin und einer Krankenschwester wichtige Informationen über die Entwicklung und Entwicklungsförderung von Säuglingen und Kleinkindern sowie über

Kinderkrankheiten und die Versorgung von Verletzungen im Kindesalter.

Dank der Anwesenheit von Frau Martine Kieffer mit Tochter Marie und Herrn Celestin Eze mit Tochter Precious konnten die Jugendlichen live und im Gespräch mit den Eltern wertvolle Hinweise zum Umgang mit Säuglingen und Kleinkindern im Alltag erfahren.

Folgende Jugendliche haben mit Erfolg den Babysitterkurs abgeschlossen und können somit entweder über den Internetsite babysitting.lu oder über die

Telefonvermittlung der afp – services (Tel.: 4600041) an interessierte Eltern vermittelt werden

E. Hoffmann



Tatiane Back, Mandy Brito, Nathalie Brito, Sandy Coimbra Coelho, Melanie Coimbra Coelho, Amandien Goncalves, Céline Goncalves Marques, Cindy Grüneisen, Salomé Hendrichs, Anne Hoffmann, Kelsey Jacobs, Katia Sofia Martins Da Costa, Conny Meilchen, Jessica Mutsch, Anne-Marie Origer, Victoria Paso, Kelly Ramos Rodrigues, Joe Schanck, Saphira Schintgen, Kim Thies.

Girls a Boys Day

22. Abrell 2010

Den 22. Abrëll war et erem esou wäit fir den Girls a Boys Day: Schüler hunn dann d'Geleënhet een Dag an engem a-typische Beruff eranzeschnupperen.

Et ass dëst well dat véiert Jar, datt d'Gemeng Dikrech un dem europaweite Projet mattmecht. Jongen a Meedeche kréien d'Chance an der Arbechtswelt fir Fraën a Männer ontypesch Beruffer kennenzuléieren. Vun der Gemeng Dikrich aus guff et dëst Jar e puer Méiglechketen :

Emol an der Piscine, wou d'Mandy an d'Stéphanie sech am Beruff vum Schwammmeeschter versicht hunn. Bei summerlechen Temperaturen a vill Sonn huet d'Lisa am Service des Parcs mattgeholfen Blumme planzen an Hecke schneiden. De Marco war e ganzen Dag am Altersheim „Résidence du Parc“, wou hien ganz verschidde Beräicher vun der Altersbetreuung kenne geléiert huet. Den Artur huet gesinn, datt en am Sekretariat vum Conservatoire du Nord (Musikschull) nët nëmmen um Stull sëtzt an den Telefon mécht!

An der Crèche Dikricher Däbessen hunn sech den Olivier an de Bryan matt klenge Kanner am Alter vun 2 bis 4 Jar beschäftigt oder besser gesot d'Kanner hunn eis Schüler beschäftigt!

A bei de Butzen huet den Alexander de Beruff vum Educateur méi no bruecht kritt.

Wéi d'Aurélië an d'Caroline „Conservatoire national de véhicules historiques“ gelies hunn, hätt si ni geduecht, datt en do och un den Autoë schrauwe muss. Eng flott Erfahrung matt flotten Autoën!



Als Oofschloss vum Dag huet Jidderen nach e klenge Cadeau kritt.



Rettungsschwammen muss ëmmer erem trainéiert ginn.



Do huet de Chef Anatole Ersfeld misse matt upaaken, well d'Heck ze héich war!

Fir och d'Schüler vum 6. Schulljar mat der Iddi vum Girls a Boys – Day vertraut ze maachen, huet d'Madame Elisabeth Hoffmann, Präsidentin vun der Auslänner a Chancegleichheetskommissioun vun der Gemeng Dikrich, zesumme mat dem CID-Femmes e Froëbou ausgeschafft an un d'Primärschüler ausgedeelt.

Dëss Initiativ ass vum Schullpersonal mattënnerstëtzt ginn an huet bei jidder Bedeelegten grussen Uklang fond.

D'Klass vum Schullmeeschter André Schumann huet do klor gewonnen an alleguer kruten si als klenge Merci e Schlësseluhänger a Form vun engem lesel geschenkt.

E grusse Merci un all déi Mattarbichter, déi Jar fir Jar matthëllef fir dësen „G&B-DAY“ ze organiséieren!

An e spezielle Merci och un déi Dikricher Geschäftsleit, déi bei dësem Dag mattgemaach hunn an hoffentlech och weider wärte mattmaachen.

Fir nach emol op de Froëbou vun der Primärschüler zréckzekommen.



Den Artur huet gesinn, datt en am Sekretariat vum Conservatoire du Nord (Musikschull) nët nëmmen um Stull sëtzt an den Telefon mécht!

Hei eng interessant Lëscht mat de Berufswënsch vun eise Schullkanner:

Bei de Meedeche sinn Doktesch (Kannerdoktesch an Déieren-doktesch), Léierinn, Affekot, Schauspillerinn an Coiffeuse op den éischte Plaazen ze fannen.

Bei de Jongen ass d'Police, d'Arméi an den Automechaniker tromp.

Da ginn et aver nach ganz ausgewielte Berufsziler, wéi z.B. de Comic Zeechner, de Profifussballer, de Vulkanolog oder de Weltenentdecker !!!

Interessant ass och ze liesen, wann se direkt e puer Berufsvirstellungen hunn, wéi e Meedchen, dat entweder Déieren-doktesch oder Top Model wëllt ginn. Oder de Jong deen sech net kann entscheiden tëscht dem Sänger, dem Elektriker oder dem Plätterschersleër.

Vun 70 gefrote Kanner wëssen 7 Meedeche nach net, wat se spéider mol wëlle maachen géint nëmmen 2 Jongen, déi nach net décidéiert sinn.



Den Här. Dichter vum CNVH erkläert wéi a wat muss nogekuckt ginn.



Den Här Da Fonseca vun der Auslännerkommissioun bei der Präisverdeelung



Schullfest 2010

10. Juli 2010



Samsdes, den 10. Juli 2010 huet um Stadion zu Dikrich dat 13. Schullfest vun der Grondschull Dikrich stattfonnt. Zwëschen 11 an 18 Auer guffe fir all d'Schulkanner allerlee Spiller ugebueden: vu mi traditionelle Spiller wi Béchschesch-essen, Sackhüfen oder Millchen, iwvert Mountainbike- a Kaartfuere bis zu mëttelalterliche Ritterspiller a moderne Sprangschlässer war alles dobai. Och d'Kanner vun auswäerts konnte vun dem vielfältige Programm profitieren. Op der Showbün war d'Offer gruuss: d'Spillschulkanner hunn eng Minidisco gemaach, een Zauberer huet d'Kanner zum Verwonnere bruecht an d'Chorale vum Cycle 4 huet e puer Lidder zum Beste ginn.

Fir den Hunger an den Duuscht war dee ganzen Dag iwvert gesuert: neewend Gegrilltem a Fritten, guf et Kuch, Eisekuchen a Glace an natierlich allerhand ze trinken.

D'Weeder war och um Rendez-Vous: dat schingstend Summerweeder war bestallt an op Commande huet d'Sonn dee ganzen Dag iwvert den Terrain gestraalt. Den Dag guf ofgeronnt mat bloen a geele Balloën, déi ganz am Zeeche vum 750. Gebuertsdag vun Dikrich fléie gelooss gufen.



D'Spiller waren un den Alter vun de Kanner ugepasst. Fir dei Kleng guf et ee Fëscher-spill bei deem all Kand konnt beweisen, wivill Gedold et hat fir d'Fësch an d'Schëffer aus engem gruusse Schwamm-bassin ze fëschen.

Och d'Fussballspiller sënn net ze kuerz komm a konnten hiert Kënnen un der Torwand ënner Beweis stellen.

Mi rasant guung et op der Kaartbunn zou, déi duerfir och ischter fir dei mi Gruuss reserviert war.

Èe risigt opbloosbaart Pirateschëff huet all Kannerhärz mi sier schloe gelooss.

Bei bal 30 Grad huet kee sich et huele gelooss sich eng Kier ze erfrëschen. Dat waarmt Weeder hat och een Impakt op eis Gedrinksreserven, déi mi sier opgebraucht waren, wi mir domat gerechend haten. Mee Gott sei Dank krute mer Nachschub.

Vu Veiane war ee ganz Rittertrupp ugeréckt an huet de Kanner mëttelalterlich Spiller ugebueden.

Op eiser Showbün war dee ganze Mëttig iwvert Programm.



Déi Kleng hu fir Stëmmung gesuert, een Zauberer huet d'Kanner animiert an d'Gewënner vum Rallye vun der Elterevereenigung gufe geiert.

Ween ee Souvenir vum Schullfest wollt mat Heem huelen, dee konnt sich mat zwee Frënn als fei gekleed Esole fotografieren loossen.

Zum Schluss wëlle mir nach eng Kier der Gemeng an all hiere Servicer Merci soen fir déi positiv Zesummenaarbicht an hier Ennerstëtzung.

Awer och eise Sponsoren an Donateure wëlle mir op dëser Plaz nach eng Kier ee gruusse Merci ausschwätze, well ouni si den Drock vun der Schullzeitung, an der all Klass hiere Beitrag konnt veröffentlichen, an d'Organisatioun vum Schullfest net méiglech wier.

Merci och all de Lierpersounen an den Elteren, déi dee ganzen Dag immens engagiert geschafft hunn, fir dat dëst Fest fir eis Schulkanner een Erfollig guf.

Dat 14. Schullfest vun der dikricher Grondschull ass fir Juli 2012 geplangt.

M. Dahm

25. National-Cross der Lasep in Diekirch

350 Kinder der „Ligue des associations sportives de l'enseignement primaire“ (Lasep) konnten am Donnerstag Nachmittag 28. Oktober 2010 zum ersten Mal in diesem Schuljahr Wettkampfluft schnuppen und ihre Kräfte auf einer ansprechenden Laufstrecke beim Diekircher Cross messen.

Gestartet wurde nach Jahrgängen (1998 bis 2006), damit die Fünf- bis Zwölfjährigen die Rundstrecke bis zum Ziel auch chancengleich hinter sich bringen konnten.

Als Belohnung überreichte der Bürgermeister Jacques Dahm den drei Erstplatzierten eine Medaille und das Buch „Eng Rees op Dikrech“ mat Lucky. Jeder erfolgreiche Läufer erhielt den mit dem 750-jährigen Logo der Stadt Diekirch versehenen Schlüsselanhänger als Erinnerung.

Lasep-Sportdirektor Marc Agosta dankte in seiner Bilanz zum 25. Cross-Jubiläum den zahlreichen Helfer, die jahrelang dafür gesorgt haben, dass der Crosslauf so gut, schnell und erfolgreich abgelaufen ist. Aufgrund der unkomplizierten Zusammenarbeit mit der Gemeindeverwaltung Diekirch wird der Nationale Cross der Lasep mit Sicherheit in den nächsten Jahren wohl wieder hier stattfinden.

Klassement der besten Diekircher Schüler(innen):

Jungen 1999: 3. Yannick Kayser
Mädchen 1998: 1. Rita Sousa Leite;
2. Tessa Kohl

J. Dahm



Interview

Bei Geléenheet vum 1. Schulldag an dem neie Gebai «Meedercherschull», v.l.n.r.: André Schuman, Präsident vum Schullkomitee, Gérard Roettgers, Schullinspekter vum Arrondissement, Jos Kremer, Schullmeester a fréieren Delegierten vum Léierpersonal, Robert Bohnert, Präsident vun der Schulkommissioun, deen dësen Interview geféiert huet.



AS Mat deem neie Schoulgesetz ass schons vill changéiert ginn. Den Delegierten ass esouzesoen duerch e ganze Komitee ersat gin.

D Dir sitt zu 9 Leit dodrann?

AS Jo, d'Gréisst vum Komitee gétt jo a Fonktion vun der Zuel vun den Enseignants'en festgeluecht, a mir hunn eis op déi Zuel du géeneegt, well mer jo och fonnt hunn, datt mer eng relativ grouss Schoul hei sinn, a well och d'Iddi war, méiglechst vill Leit mat un d'Responsabilitéit unzebannen, a jidderéngem och eng präzis Charge ze ginn.

D Wivill Schüler si momentan an der Dikricher Schoul ?

AS 530 hu mer der de Moment.

JK Virun e puer Deeg hunn ech gekuckt, wéi ech ugefaang hunn, du waren et der just 400. Awer déi Zuel war dertéischent eng Kéier wäit eropgaang, bis op 700!

AS 2008/2009 hate mer der 559. Dat heescht, mir sinn lo 30 Unitéiten erofgaang.*

D Dat war an de leschten 30 Jaren ëmmer esou, D'Schülerzuelen sinn ëmmer rëm erop an erof gaangen. Mir haten oft Diskussiounen mat der Stad, wann déi eis Posten wollte strächen, well am Land d'Zuelen allgemeng am Fale waren, an da woren se bei eis schons erëm am Klammen ... oder

ëmgedréint. Do wäer et interessant, mol Statistiken iwwer eng Rei vu Jarzénkten opzestellen! Mee komme mer zrëck bei Äere Schulkomitee!

AS Dee Komitee krut e ganz definéierten Aufgabeberäich. Ganz vill Aarbéchten, déi fréier den Delegierten gemaach huet, déi sinn lo dodranner, déi goufen also vun enger op méi Schëlleren opgedeelt. Wat och ganz kloer drasteet ass, datt de Komitee soll e Viirschlag maachen fir d'Schoulorganisatioun, wat virdrun eigentlech ëmmer am Dialog hei zu Dikrech geschitt ass, mee lo steet dat am Gesetz dra verankert. Dee ganze Volet Elterenaarbécht, dee sech vidrun luess a luess entwéckelt huet, ass elo am Gesetz definéiert. Dat war am Iwwergang sou, datt een no an

* Am Schouljar 2010/2011 sinn et der rëm 561 (NDLR)



no um Niveau vu sénger eegener Klass mol déi regelméisseg Consultatiounen hat mat den Elteren, oder mat Elterevereinigungen, déi mat der Zäit enstan sinn, an elo huet een da gewielten Elterevertrieeder, déi am Fong d'Elteren vun de Schoukanner vertrieeden.

D Wivill hutt Der déer?

AS Majo 9 Leit.

D Dat mecht also 9 an 9. Wéi dack kommt der dann do zesummen?

AS Den Owend hu mer eis éischt Versammlung. Dat ass dräimol am Joër virgesinn.

D An de Komitee, wéi dack kënn den zesummen?

AS O, dee kënn relativ oft zesummen, well, virun allem elo am Moment gin et vill Themen, déi akut sinn, vill Saachen, déi mol mussen erschafft ginn. Do ass zum Beispill d'Ëmännerung vum Permutatiounsreglement. An da fénke mer sou luess un, eis Gedanken ze man iwwer d'Schoulorganisatioun vum nexte Joër. Mir hu jo hei nach déi Situatioun vum Chantier, deen eng ganz Rei vun Inconnu'en mat sech bréngt, sou datt mer nach net alles um Dësch leien hunn fir d'Schoulorganisatioun 2010/2011.

D D'Permutatiounsreglement, dat muss ee vläicht erklären,

dat ass wéi d'Klasse verdeelt gin. Virdrun, well de Gemengerot jo am Fong déi lescht Decisioun hat, haten d'Enseignants'en ënner sech e Reglement ofgemaach an dem Gemengerot proposéiert, deen dat akzeptéiert huet a sech engagéiert huet, sech drunn ze halen. Heiandsdo gouf dat Reglement dann och liicht ofgeännert an ugepasst. Wéi ass dat dann elo am neie System? Wann elo Permutatiounsreglementer gemaach gin, mussen déi dann vun der Ministesch ofgeseent ginn? De Supérieur hiérarchique ass jo an dësem Fall de Minister? Dee war et ëmmer par le biais, aver net ganz, Dir hat bis elo eigentlech de Minister an de Buergermeeschter als Patron, an dann nach den Inspekter an d'Schulkommissioun, déi lech drageschwat hunn ...

JK Virdrun huet en cas de litige gewéinlech d'Gemeng décidéiert. Dat ass lo net méi de Fall.

AS Et si vill nei Elementer, dé an dat Reglement erafléissen. Lo spillt net nëmmen déi lokal Anciennetéit mat, mee och déi national. An da gétt an deem neie Gesetz d'Equipeschaffen gefördert an encouragéiert, also muss mer dat och an e Permutatiounsreglement mat abauen, fir datt elo net Equipen, déi funktionnéieren duerch dat Reglement gespréngt kënn ginn! Dat ass dann lo eis Iwwerléung: muss mer e Spagat maachen tëscht der individueller Anciennetéit an awer och gläichzäitig d'Equipen fördern an ënnerstetzen,

an deenen och eng Kontinuitéit zougestoen? Dat ass am Moment d'Haaptschwieregkeet, fir dat anstänneg ze formuléieren. Mais en fin de compte ass et schons esou, datt d'Permutatiounsreglement, zwar ëmmer nach vun der Schoulkommissioun a vum Gemengerot aviséiert gétt, mee datt de Minister lo dat lescht Wuert huet, fir et ze approuvéieren.

D Heescht dat, datt ausser do, wou muss agegraff ginn vum Buergermeeschter als autorité civile, d'Gemeng just nach ee konsultativen Organ ass?

AS Also, et bedait fir d'Gemengen schons e groussen Autonomieverloscht.

D Virun enger Rei Jaren wäer et sécher schwéier gewiescht, esou e Gesetz an der Châmber duerzékriien. Allerdéngs gétt haut d'Autonomie e bëssen anescht interpretéiert, eng gewëssen Autonomie behalen d'Gemengen organisatoresch dach awer nach, a vill Gemengen verzichten warscheinlech net ongär op deen administrativen Opwand an dee komeschen Nominatiounsmodus vu virdrun. Vun Äerer Sait aus schéngt et jo lo awer besser ze sinn?

AS Et ass sécherlech ganz vill Responsabilitéit lo iwwer bei d'Schoulen gaangen, wou e sech soss och vläicht e bëssen hannert der Gemeng konnt verstoppen, an elo ass et



Nei Schull

effektiv anescht ginn. Ech denken, datt et fir d'Schoul natierlech och interessant ass, déi Responsabilitéit unzehuelen an déi verschidde Proposen ze maachen. Et steet een dee Moment anescht do, et ass e ganzt anert Selbstverständnëss och fir d'Schoul, wat am Fong flott ass.

D Et ass jo net nëmmen en neit Gesetz do fir d'Organisatioun an domatt ëm dat neit Selbstverständnëss vum Lehrpersonal, d'Responsabilitéit um Terrain mat engem Comité de l'Ecole, deen eigentlech déi ganz Affair schmässt, quitte datt do och nach den Inspektorat an d'Gemeng matschwetzen, d'Ofhängegkeet vum Schoulministère, vum Staat éischter wéi vun der Gemeng, dat alles hu mer lo in extenso beliicht, mee et sinn och eng ganz Rëtsch Reformen amgang. Wat sinn, wann een elo stechwierderarteg wëllt viirgoen, déi nei Elementer?

AS Do ass natierlech dee ganze pädagogesche Volet, dee mamm neie Gesetz dobäi komm ass. Et huet eem ëmmer sou d'Gefill, wann e neit Gesetz kënnt, lo giff eppes ageféiert gin, wat nach ni do war. Och virdrunn ass jo schon am Team geschafft gin, mee dat gëtt elo mamm Gesetz ausdrécklech encouragéiert. Et gëtt och wirklech encouragéiert fir, wa Problemer do sinn, d' Léisungen dann am Team dee Moment ze sichen.

JK Mir hunn zesumme geschafft, ouni dat Wuert „Team“ dobäi ze setzen!

D Dat do gëtt momentan an der Schouldiskussioun oft gesot, do wou Tensiounen sinn a wou eigentlech Leit openee geroden, well déi eng mat speziellem Jargon ëm sech geheien, an déi aner soen: mee dat hu mir esouwisou schon gemaach! Dir hutt recht, et sinn eng Rei vu Saachen, déi en herbe eigentlech do waren schon, déi zum acte pédagogique gehéieren, mee déi elo méi kloer e Numm kruten.

AS En anert Beispill ass de kompetenzorientéierten Unterrécht. Do kënnt een och liicht den Androck kréien, wéi wa bis elo d'Kanner just Saachen ze béchsen kruten, a wéi wa mir an der Vergaangenheet ni mat de Kanner méi anspruchsvoll Aufgaben gemaach hätten. Et geet jo drëm, fir dat, wat ee geléiert huet, mol alles ze aktivéieren, an dann do mol méi komplizéiert Aufgaben ze léisen. Et kritt een elo dat Gefill: A jo, lo ass dat endlech agefouert, lo maache mer dat dann endlech! An dat ass och esou e Beispill, quitte datt elo den Akzent vläicht e bëssen dropper geluecht gëtt. Et kann een awer och net soen, mir schaffen elo just nach kompetenzorientéiert

JK Et ka jo net sinn, datt mer komplett anescht schaffen, mir schaffen ähnlech wéi virdrunn, och wa mer vläicht nei Nimm dofir hunn!

AS Et kann een et gutt mamm Fussballspill vergläichen. Wanns de e Fussballmatch méchs, do kënnt alles dobäi: du muss kënne de Ball stoppen, riicht passen, du muss Iwwersiicht hunn asw., mee du léiers awer net Fussballspillen doduerch, dass de am Training nëmmen Matcher spills! Mee du muss och déi eenzel Übungen maachen, d'Basics gehéieren awer nach derzou. Wat een heiansdo e bësselchen stéiert, da kritt een sou dat Gefill, dat wier e bësselchen verpönt, alleguer déi do Saachen, z. B. nëmme Vokabelen léieren oder Verben widderhuelen asw., mee dat sinn awer Saachen, déi mussen och gemaach gin, an do kënnt liicht d'Impressioun entstoen mat deem neie Schoulgesetz, lo maache mer just nach Kompetenzunterricht, dat ass dann dat eenzegt, wat zielt, an dat eenzegt, wat flott ass. Mee et sinn déi zwou Saachen!

D Et ass och bei de Reformen am ES an am EST rëm an der Diskussioun, datt à la base verschidde Kompetenzen wéi Memorisation a kapabel sinn, eppes nozekucken, eppes ze iwwerlëen, Vokabelen ze kennen fir eng Sprooch ze léieren, datt dat einfach och derzou gehéiert.

AS Keng Hausaufgaben méi asw., dat sinn dann Signaler, déi och vun der Politik da kommen, an déi oft gäre falsch verstan ginn an der Gesellschaft ...



Den Robert Bohnert am Gespréich mam Jos Kremer

JK ... déi sech gutt unhéieren!

D Wéi ass d'Bereitschaft dann vun de Kolleginnen a Kollegen, sinn do keng gréisser Problemer?

AS Et ass net esou, datt mat deem neie Schoulgesetz Concertatioun an Zesummenaarbécht réischt ageféiert gi wier. Bedéngt doduerch, datt de Schoulmeeschter, d'Léierin, lo anescht aklasséiert gouf, en aneren Grade krut, goufen all déi Tächen mat drageschriwwen an d'Gesetz, mee d'Concertatioun gouf och virdrunn schons gemaach.

JK Well et nei ass, gëtt elo e bëssen iwwerdrüwen, well mer all Minute opschriwwen, woubäi mer et virdrunn automatesch och gemaach hunn, wann och net am grouse Grupp oder mamm ganze Zyklus beieneen. Dat, wat mir soss gemaach hunn, no der Schoul um 4 Auer oder mueres ëm véirel vir 8 am Schoulhaff, dat war och Concertatioun!

AS Ech fannen, wann een eng gutt Atmosphär huet, an déi hu mir momentan hei zu Dikrech an eiser ganzer Equipe, dann ass een oft zesummen, an dann ënnerhëllt een och vill periscolaire Saachen an et schwetzt een iwwer d'Schoul. Do kënnt een op villes d'Etiquette „Concertatioun“ droppechen.

JK Do kënnt och grad sou vill dobäi eraus, wann een am Labberen schwetzt, wéi wann ee seet:

mir mussen lo vun 1 bis véirel vir 2 oder bis 2 just iwwer d'Schoul schwetzen. Dat ass schwéier dann.

AS Wann ee vun Akzeptanz elo seet vum neie Schoulgesetz, meng Aschätzung ass awer schon, datt vill Leit sech soen, mat deem neie Schoulgesetz kréie mer och eng Partie nei Instrumenter an de Grapp, Saachen, déi lo mol méiglech sinn. Et läit villes bei deenen eenzelnen Enseignants'en, wat déi wëllen dorausser maachen! Wann ee seet, ech wëll gär mat engem Kolleg hei zesummeschaffen, mir wëllen zu dräi oder zu véier zwou Klassen huelen, da gëtt een doranner ënnerstëtzt, et brauch een lo keng Diren méi anzerennen, d'Diren si schons opp!

D Et sinn also nei Perspektiven do?

AS Et huet een effektiv um pädagogesche Volet Méiglechkeeten. Natierlech ass och net emmer alles Gold, wat do glänzt. Ech mengen, d'Enveloppe, déi lo d'Educatioun zur Verfügung huet, wat d'Ressourcen ubelaangt, déi ass sécherlech ginn. Ob een lo alleguer déi Ressourcen kritt, déi een sech viirstellt als Schoul, dat steet vläicht op engem anere Blad, mee réng theoretesch hätt een lo mol all déi Méiglechkeeten. Oder och, wéi ee sech wëllt ënnerhalb vu séngem Cycle organiséieren, fir mat deene schwache Schüler ze schaffen, fir mat deenen eens ze ginn, do huet een lo sécherlech eng ganz Partie

Méiglechkeeten, an do kënnt och dat Sechzesummesetzen an dat konkret Plangen zum Droen, an ënner dem Stréch kënnt eppes dobäi eraus.

D Wat déi nei Schoul ugeet, also den Neibau, bréngt dat och nei Méiglechkeeten?

AS Eng Diskussioun, déi am Moment bäi eis geféiert gëtt, dat ass, datt dräi Zyklen lo an déi zwou Gebäier kommen. Wéi organiséiert een dat am Beschten? Maache mir lo an all Gebäi esou e Grupp „inter-cycles“, datt mer den 2., 3. a 4. Cycle mëschen, oder kucke mer éischter, fir ee komplette Zyklus an ee bestëmmt Gebäi ze setzen, dat ass eng Diskussioun, déi am Moment nach amgang ass, bäi eis ze lafen.

JK Déi gëtt och net einfach léisen, well do kommen warscheinlech vill verschidde Meenungen op. Fir den Zyklen no ze fueren, hätt een eigentlech dräi Gebäier gebraucht, mee d'Fro ass awer och, ass et gutt, wann nëmmen Zyklen bäieneen sinn, ass et net och gutt, wa Grousser a Klenger e bëssen duercherneen lafen.

AS Déi Erfahrung hu mer lo am Walebroch gemaach. Et si vill Kollegen am Walebroch, déi soen, d'ass schéin, d'huet een lauter Kanner hei aus dem 4. Cycle, fir zesummen ze schaffen, mee et ass fir d'Kanner net sou gutt. Fir déi wäer et scho gutt, wann do eng Duerchmëschung kënnt sinn.

AS Mee dat ass flott hei zu Dikrech, mir hunn am Moment eng Phase, wou vill Diskussiounen lafen a wou viles nach sou an der Maach ass.

JK A bei deenen neie Gebaier wësse mer selwer net, wéi dat an engem, zwee Jar ausgeseit.

D *Et war schons amusant ze gesinn, wéi de Jos um Ufank vum Schouljoër an zum Schluss vu sénger Karriere als Delegéierten an deem fonkelneie Gebai d'Schoul opgemat huet a sech gréng a giel geiergert huet, datt nach keen Telefon an näischt géif funktionnéieren! Dat schéngt sech jo lo alles agependelt ze hunn, an déi nei Infrastrukturen si schons impressionnant.*

AS Jo, dat geet elo gutt virun!

D *Dat sinn jo alles ganz nei Perspektiven an eng ganz Rei Saachen sinn an der Maach. Wann een lech aver lo géif froen, wat lech dann eigentlech nach déi meeschte Suerge mécht, wou nach Problemer sinn, wat giff der dann uklicken?*

AS Et sinn e puer sou Punkten. Et ass lo vläicht e bëssen tendenziell, mee wann een an der Woch e puer Telefonen huet, da gëtt een opmierksam. Mir haten do kierzlech de Fall, datt zwee Kanner mat der Mamm spuerlos verschwonnen waren, et ass keen u se komm, do freet ee sech no e puer Deeg, jo wat geschitt lo hei? Oder aner Kanner, déi kommen a si néirens-wou ugemellt.

JK Virunn 10 Jar hätt ee gesot, Du dierfs op kee Fall een eranhuelen, wann en net op der Gemeng ugemellt ass, wann do eppes geschitt, bass Du deen Dommen dobäi. Haut soen se, dat éischt, wat muss geschéien, e muss emol an d'Schoul goen, sou séier wéi méiglech, an da féenke mer un, ze sichen, vu wou kënn en hier, wien ass et? Mir hunn déer schons relativ vill, wann ee kuckt, an zwee, dräi Jar, déi dorëmmer passéieren, déi e beemol do sinn, net méi do sinn, eng Kéier 3 Méint fort sinn, dann rëm e puer Méint do sinn. Ab und zu sinn der souguer, wou een héiert, datt déi schons laang hei wunnen an awer net an d'Schoul kommen, oder deen ee war an der

Schoul an dann hu mer héieren, säi Brudder wäer awer net an der Schoul, asw.

AS Déi Fäll huele wierklech zou, sou Kanner, déi wierklech hin an hir verfracht ginn, dat huet dann och séng Ursaachen, et ass schons vum soziale Standpunkt aus heiansdo net einfach, mee dat ass eppes, wat engem schons Suerge mécht!

JK Den Ersatz mécht engem de Moment och Suergen. Den Ersatz war fir den Delegéierten déi lästigt Aar-bécht, well een all Mueren dat huet missen arrangéieren. Heiansdo war an enger Woch kee krank, heiansdo véier beeneen, an dann huet ee missen dorëmmer telefonéieren, bis alles gelaf ass. Dat geet elo iwwer den Inspekteschbüro vu Miersch, deen op déi zréckgräift, déi als Ersatz gemellt sinn. Mir haten do e klenge Viirdeel, mir hate Leit, déi just hei zu Dikrech fir e puer Stonne komm sënn, oder ech wosst, wann een mol e puer Stonnen fräi hat, dann hunn ech dee gefrot. Déi Mierscher wëssen dat alles net, dann ass keen sou do.

AS Si ruffen alt un, wann se kee fannen, mee dann ass ee spéit drunn! Ech muss awer do elo eng Lanz brieche fir d'Leit hei.

JK Et felen der net vill, mee wann et eng Kéier sou wäit ass, da felen der dräi an engem Mueren, a wann ee gewuer gëtt, datt si kee font hunn zu Miersch, dann ass et well spéit fir eppes ze maachen. D'Duerfleit, déi hunn se net méi, déer hate mir an der Zäit, déi z.B. Léierin um Duerf waren, dunn opgehalen hunn, well se Kanner kritt hunn, a bereet waren, spontan anzesprangen, wann een en Ersatz gebraucht huet.

AS Wann een an de Klassen sou kuckt, gesäit een haut oft Kanner, déi eng ganz komesch Attitude zur Aarbécht hunn. Soss hat een déer vläicht mol eent, zwee pro Klass, dat huet ganz stark zougeholl. Do sinn der, wou een d'Gefill huet, datt se zimmlech vernochléisseg sinn.

JK Déi Saachen, datt een engem an d'Bichelchen geschriwwen huet an dat dann deen aneren Dach ënnerschriwwen zréckkrut, déi Saachen sinn riwwer, well haut kann ee 15 Mol an d'Bichelchen schreiwwen, an do kënn näischt zréck! An déer sinn haut vill, do si Klassen, wou dat gutt d'Halschent ausmécht.

D *Lo hu mer den Tour souwäit gemaach. Och wa mer mat méi problemateschen Punkten opgehal hunn, fällt virun allem awer Äer Begeeschterung an Äeren Engagement an der Dikrecher Schoul op an déi gutt Atmosphär, déi Der do mat geschafen hutt. Ech soen lech zwee Merci fir dat flott Gespréich a mir bleiwwe gespant, wéi sech déi nei Grondschool, d'Ecole fondamentale vun Dikrech an der Zukunft ënner dem Impuls vum neie Schoulkomitee entwéckle wäert.*

Réckbléck Manifestations LCD

Bréckelaf 2010 à Diekirch



Le 5 juillet 2010, 1900 élèves des lycées LCD, NOSL, LTA, EPSA et LTett ont parcouru un trajet d'environ 5 km le long de la Sûre, entre les deux ponts pour piétons, avec départ et arrivée au stade municipal. Cette course à pieds parrainée, baptisée « Bréckelaf », s'est déroulée en présence du bourgmestre de Diekirch ainsi que des directeurs des lycées participants, et il a clôturé un projet de sensibilisation par rapport aux pays en voie de développement africains. Les parrains ont effectué une promesse de don afin de soutenir des projets humanitaires.

L'objectif de la course était en effet de montrer la solidarité des écoles de la Nordstad et de leurs élèves avec les peuples africains les plus démunis. Il s'agissait de collecter un maximum de fonds pour financer les projets des associations « Le Soleil dans la Main » et « Les amis luxembourgeois du marathon de Kigali ».

Les dons des parrains ont finalement rapporté la belle somme de 30.000 euros qui seront investis dans l'élargissement et le fonctionnement du centre pour enfants vulnérables à Koudougou (Burkina Faso) et dans la construction



d'infra-structures sportives dans l'école des hirondelles à Kibungo (Rwanda).

Le chèque de 30.000 euros a été remis à M. Patrick Hinterscheid de l'Association « Le Soleil dans la Main » et à M. Jhemp Ernzen de l'Association « Les amis luxembourgeois du marathon de Kigali » le 11 octobre 2010 au LCD en présence de MM. Robert Bohnert, Hubert Bauler, Francis Schartz, Lucien Klein et Marc Crochet, membres des directions des lycées participants.

Le même jour, le ministre des sports Romain Schneider était venu s'entretenir avec les responsables et les élèves du LCD à l'occasion de la grande fête sportive organisée par les élèves des classes-pilotes « C-Sports », fête qui trouva son apothéose justement dans ce « Bréckelaf » commun qui s'inscrivait dans le cadre du 750^e anniversaire de l'affranchissement de la Ville de Diekirch.

Journée des Anciens au LCD



Sur la photo on peut reconnaître, de la gauche, vers la droite : M. Hubert Bauler, directeur adjoint du LCD, M. René Hübsch, M. Roger Brachmond, directeur honoraire du LCD, M. Emile Haag, directeur honoraire de l'Athénée, M. Robert Bohnert, directeur du LCD, M. Guy Dockendorf, directeur général du Ministère de la Culture, de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche, M. Jean-Claude Havé, directeur adjoint du LCD, M. Joseph Eilenbecker, directeur adjoint honoraire du LCD.

Le 19 juin 2010 tous ceux qui ont des attaches au LCD, pour y avoir passé un moment de leur jeunesse sur les bancs du Dikrecher Kolléisch ou pour y avoir travaillé, ont la possibilité de se rencontrer, respectivement de se revoir, dans le cadre de la traditionnelle Journée des Anciens, qui s'inscrit cette année dans

les festivités du 750e anniversaire de l'affranchissement de la Ville de Diekirch. Le programme comprend entre autres une séance académique, marquée par l'intervention intéressante de M. Emile Haag, directeur honoraire de l'Athénée et Ancien du LCD.

Journée Généalogique et d'Histoire Locale

Lors de la Journée Généalogique et d'Histoire Locale organisée le 25 septembre 2010 au LCD, toute personne originaire de Diekirch a l'occasion de retrouver la trace de ses ascendants en questionnant des membres de l'association « Luxracines » et en consultant d'anciens documents, archivés minutieusement grâce à l'outil informatique. C'est à cette occasion que M. Bob Deltgen présente aussi son livre « Das Familienbuch der Gemeinde Diekirch », au public intéressé.



Remise des certificats des cours du soir au LCD

Le 16 juin 2010 les nombreuses personnes inscrites aux divers cours du soir organisés traditionnellement au LCD, reçoivent leur certificat de participation en présence du directeur Robert Bohnert et des professeurs titulaires des cours.

Remise régionale des certificats aux meilleurs élèves de latin et de grec en présence de S.E. l'Ambassadeur de Grèce et des professeurs Ed. Wolter, président des Amis de la Grèce, et Eugène Schmit, président de Pro Latinitate.



Remise des diplômes de fin d'études à l'Ancienne Scierie



Les élèves de première du cru 2010 viennent récolter le fruit de leurs efforts à l'Ancienne Scierie de Diekirch où la traditionnelle remise des diplômes de fin d'études réunit tous ceux qui ont

participé directement ou indirectement aux réussites fêtées en cette soirée du 6 juillet au sein de la communauté scolaire du LCD.

Vintage days au LCD



Lors des vintage days organisés le 22 mai 2010 dans et autour du LCD, les vedettes étaient les automobiles d'antan et les anciens ordinateurs et machines à calculer du Computarium du LCD.



Opruff Gemengenwahlen

Aufruf zur Teilnahme an den Gemeinderatswahlen 2011

Am **9. Oktober 2011** finden die nächsten Gemeinderatswahlen in den 116 Gemeinden Luxemburgs statt. Die Integrationskommission Diekirch ruft all die Mitbürger, die nicht die luxemburgische Nationalität besitzen auf, sich in die Wählerlisten einzutragen. Die Einschreibung ist **bis zum 14. Juli 2011** möglich im Gemeindebüro, 27 Avenue de la Gare, Diekirch.

Machen Sie mit! Gehen Sie wählen!

Participez aux élections communales en 2011

Dans les 116 communes du Luxembourg, les élections communales auront lieu le **9 octobre 2011**. La commission de l'intégration de la commune de Diekirch invite tous les habitants n'ayant pas la nationalité luxembourgeoise à s'inscrire sur les listes électorales. L'inscription doit être faite **au plus tard pour le 14 juillet 2011** à l'administration communale, 27 avenue de la gare, Diekirch.

Participez, allez voter.

MOIEN ! Diekirch et le LCD vous souhaitent la bienvenue !



De gauche à droite : Yvo Vanlessen, directeur honoraire de Neerpelt, Kees Streng, directeur de Valkenswaard, André Fabry, directeur de Neerpelt, Jean-Claude Havé, directeur adjoint du LCD, Robert Bohnert, directeur du LCD qui passe la trophée des Journées européennes/Rencontres des 5 Nations à Ingrid Habrich, directrice de Mönchengladbach et organisatrice des Rencontres de 2011, Hubert Bauler, directeur adjoint du LCD, Frank Engel, député européen, ancien élève et ancien participant aux JE, Roger Brachmond, directeur honoraire du LCD, Jean-Luc Marcant, directeur de Saint-Amand-les-Eaux, Marleen Reijnders, directrice de Neerpelt et Emile Verheyen, dir. honoraire de Neerpelt et père fondateur des Rencontres.

Nous fêtons en 2010 le 45^e anniversaire d'une aventure exceptionnelle qui continue à réunir chaque année plusieurs centaines de jeunes et d'enseignants, issus de cinq des six pays fondateurs de la toute première « Europe unie », pour participer ensemble à des activités sportives, culturelles, scientifiques et artistiques. Ces « Rencontres » régulières ainsi que les nombreuses réunions de préparation et d'organisation, tout comme les échanges scolaires qui s'en dégagent petit à petit, ont créé au fil des ans des liens extraordinaires et quasi familiaux entre les écoles concernées, et par-là aussi un peu entre les cinq villes qui hébergent ces écoles. Tous les cinq ans, en effet, chacune des écoles organisatrices a pu compter jusqu'à présent sur le soutien moral, logistique et financier de sa commune-siège, ce qui représente quand même huit ou neuf « Rencontres » par ville !

Il n'est donc que normal qu'à l'occasion de notre anniversaire, nous pensions à remercier d'abord nos principaux « sponsors », et cela plus particulièrement au moment où l'une de ces villes s'apprête à fêter le 750^e anniversaire de son affranchissement.



Le roulement entre les cinq écoles – et par-là entre les cinq villes – pour l'organisation des « Journées européennes » a largement contribué à maintenir cette tradition pendant presque un demi-siècle.

Le Städt.Math. Naturw. Gymnasium de Mönchengladbach, l'Institution Notre-Dame des Anges de Saint-Amand-les-Eaux, la Were Di Scholengemeenschap qui englobe l'ancien Hertog Jan College

de Valkenswaard, le Sint-Hubertus et le Sint-Maria du WICO Campus de Neerpelt et le Lycée classique de Diekirch ont en quelque sorte « grandi » ensemble pendant ces 45 ans, où, tels des cousins vivant aux quatre coins du monde, ils se sont retrouvés régulièrement au printemps pour leur grande fête familiale.

(mots de bienvenue de la brochure éditée à l'occasion des Rencontres de Diekirch)

Réckbléck Manifestations PMD

D' „Philharmonie municipale de Diekirch“, d'Dikricher Stadmusik huet d'ganz Jar duerch mat vill Asaatz a Kënnen un de 750-Jarfeiern matgewierkt.

Hei e puer Biller vun zwee Highlights, dem Musical „Love@Music“ am Abrëll an der Sportshal vum Neie Kolléisch an dem italieneschen Owend „PMD meets Italy“ am November an der Aler Seeërei.

Net ze vergiessen: d'Béierfest am Parc Pëngstsonndig, de Galaconcert op der Kluuster an dem Fäierwierksconcert um Viirwond vum Nationalfeierdag, wou de Luc Rodenmacher d'Musik derzou geschriwwen hat!



Déi ganz Equipe vun den Acteuren mat der Regisseurin



Vermëttlung am Stadhaus



Sträit bei de Kanner



Sträit tëschent Musikveräin a Gesangveräin



D'Philharmonie an hiren neien Uniformen



Den Organisationsgrupp



D'Béierfest am Parc op Pëngsten ass rëm zur Traditioun gin!

Réckbléck Manifestations 750 Joër

Wat war lass 2010?

Op deene nächste Saiten fann Dir ee kleng Réckbléck op verschidde Manifestatiounen vum 750. Jubiläum vun der Stad Dikrich. Weider Fotoën vun alle Manifestatiounen fann dir um Internet (www.750.lu) an deemnächst am „Livre souvenir“ dat am Fréijar 2011 virgestallt gëtt.



Roger Leiner: Expo Cartoons am Kulturhaus vum 13. bis den 28. März



Painting for Joy vum 15. Abrëll bis den 16. Mee



Remise vun der Unerkennung „Mérite Culturel“ vun der Stad Dikrich un den Jean Leyder den 15. Oktober 2010



Rétrospective Henri Dillenbourg vum 10. September bis den 10. Oktober



Ausstellung vum Michel Heintz vum 20. November bis den 5. Dezember



D'Kanner aus der Grondschull kruten dat neit Buch „Eng Rees op Dikrich“ iwerreecht ...



... a waren ganz begeeschter!



Klassische Concert vum Ensemble de la Chapelle Saint-Marc



Sonndig 20. Juni 2010 op der Kluuster Open-Air Concert vum Culcha Candela



Sonndig den 9. Mee an der Aler Seeërei – Concert de Taiko vum der Band Waraku-Kai Show



22. Juni 2010 – Visite vum HHKKA dem Groussherzog an der Groussherzogin



4. Juli 2010 Journée de la Police et de l'Armée



25. Juni Fairplay Tour zu Dikrich



Visite de Monsieur Takashi SUETSUNA l'ambassadeur du Japon au Luxembourg



Visite vum japanischen Ambassadeur, den 21. Abrëll

Centre de Joga Diekirch

Cours 2010/2011

Les cours sous la direction du professeur Jean Joris auront lieu à Diekirch :

- Mercredi
10h00 – 11h00
Salle des arts martiaux,
(anc. Bourg-Bourger) Parc.
- 18h00 – 19h00
Salle Scala
rue Jean l'Aveugle

1.Session	2.Session	3.Session
15 septembre	5 janvier	27 avril
22 septembre	12 janvier	4 mai
29 septembre	19 janvier	11 mai
6 octobre	26 janvier	18 avril
13 octobre	2 février	25 mai
20 octobre	9 février	8 juin
27 oct	16 février	22 juin
10 novembre	3 mars	29 juin
27 novembre	9 mars	6 juillet
24 novembre	16 mars	
1 décembre	23 mars	
8 décembre	30 mars	
15 décembre	6 avril	
13 cours	13 cours	9 cours

A chaque époque de vie de l'humanité, certains Jogas sont plus indiqués que d'autres. A travers les 12 Jogas et sur la base commune du Hatha-Joga vient se greffer une ligne de travail qui reflète l'authenticité de la pratique : le Mantra-Joga = du son, le Jnana-Joga = de la connaissance de soi, le Kryia-Joga = nettoyage interne, le Tarma-Joga = du travail, le Nidra-Joga = du relâchement, sont toute la structure de la validité humaine qui devient ainsi concrète dans la pratique correcte et évolutive.

Pour l'année 2010 – 2011 le prix des cours reste inchangé. Le paiement se fera au début de chaque session et contibuer un forfait.

Jean Joris
Professeur de Joga
Tél: 0032 43584906

Programme du CDAC

Ciné Club et séances spéciales au Ciné SCALA / 31, rue Jean l'Aveugle

27 & 28 décembre 2010 – 20h00



THE RUNAWAYS
USA 2010
Biopic
Réalisateur:
Floria Sigismundi
106 min – VO st. fr./nl.

10 & 11 janvier 2010 – 20h00



EL SECRETO DE SUS OJOS
USA 2009
Drame
Réalisateur:
Juan José Campanella
129 min – VO st. fr.

18 janvier 2010 – 20h00



ILLÉGAL
Luxembourg 2010
Action
Réalisateur: Olivier
Masset-Depasse
95 min – VO française st. fr.

03 & 04 janvier 2010 – 20h00



YOU WILL MEET A TALL DARK STRANGER
USA, UK 2010
Drame, Comédie
Réalisateur:
Woody Allen
98 min – VO st. fr./nl.

17 janvier 2010 – 20h00



DES HOMMES ET DES DIEUX
France 2009
Drame
Réalisateur:
Xavier Beauvois
120 min – VO française

ALOYSE DAVID

das Handwerk in Diekirch

EINE AUFLISTUNG DIEKIRCHER HANDWERKER VOM 18. JAHRHUNDERT BIS HEUTE

En neit Buch mat 480 Säiten iwer d'Handwerk zu Dikrich: Et beschreiw't wéi sech déi éenzel Beruffstänn bis haut entwéckelt hun. Ausserdem fannt dir eng Lëscht vun dikricher Handwierkerfamiljen vum 18. Jorhonnert bis Haut. Déi méeschten Ennerlaagen kommen aus dem Gemengenarchiv vun der Stad Dikrich a vu Privatleut. Erhältlech beim Syndicat d'Initiative fir 25,00 Eur (Porto + 3,00 Eur).

Die Zünfte und Bruderschaften

... Um in die Zunft aufgenommen zu werden, mußte der Betreffende dem Amtsmeister den Nachweis erbringen, daß er sein Handwerk nach genau bestimmten, in Satzungen enthaltenen Regeln, erlernt habe, daß er katholischer und römischer Religion, von einer ehelichen Heirat geboren und als Bürger der Stadt angenommen sei...

Früher

... Die Aufhebung der Leibeigenschaft wurde 1782 durch Kaiser Joseph II verordnet. Beim Umzug der Leibeigenen in die Nachbarortschaften gab es Schwierigkeiten mit den Personennamen, da auch dort die Bewohner nur einen Hausnamen hatten. Die Geistlichkeit, welche die Personenregister mit Angaben über die Geburten, die Heiraten und die Todesfälle führten, beschloß, jedem männlichen Umsiedler einen Familiennamen zu geben. Wer ein Handwerk ausübte, erhielt diese Bezeichnung als Familiennamen, z.B. Weber, Hutmacher, Schreiner usw. ...

Die Handwerker und das Feuerlöschwesen

... Der Bürgermeister ernennt einen Feuermeister und einige Helfer. Ersterer wird betraut mit der Sorge um das Material und die nötigen Ausbesserungen. Für den Posten eines Vorgesetzten sind vorzugsweise Maurer, Zimmerleute und Blechschmiede vorzuziehen. Die andern Helfer werden unter den andern Handwerksleuten ausgewählt...


Auswanderung

... Der Steuerdruck und die wirtschaftliche Not verstimmten 1828 die Bevölkerung und verleiten viele Luxemburger zur Auswanderung nach Amerika. 1829 gab es eine Mißernte und eine Teuerung der Lebensmittel. In der Zeit von 1831 bis 1888 sind nach Gonner (Die Luxemburger in der neuen Welt) 29.700 Luxemburger nach den Vereinigten Staaten ausgewandert...

Entstehung des Handwerksmeister-Vereins

... Im Jahre 1851 gründeten die Diekircher Handwerksmeister einen Unterstützungsverein mit folgenden Statuten aus 34 Artikel:
Art. 1) Es hat sich ein Handwerkerverein gebildet für die Stadt Diekirch, unter dem Namen: Handwerker Unterstützungsverein.
Art. 2) Der Zweck des Vereins ist: 1. Einigkeit und Freundschaft und gegenseitige Hülfe. 2. Unterstützungen der Arbeiter in Krankheiten und Unglücksfällen. 3. Die Errichtung eines Fonds zur Gründung von Pensionen....

Nei Publikatioun



Erhältlech beim SYNDICAT D'INITIATIVE de la Ville de Diekirch
Informations: tél.: 80 30 23
e-mail: tourisme@diekirch.lu



4500 Namen

DOFING Anne-Marie
Dikrich, am 29.08.1855
* 03.03.1824 Reisdorf
† 11.10.1902 Diekirch

amen geboren in Diekirch:
• Susanne * 20.07.1853

W: • Cathérine * 10.02.1860
• Marie * 01.01.1862
• Charles * 19.02.1864
• Marie * 03.11.1866 † 11.03.1894

PAULS Marguerite
Dikrich, am 26.04.1881
* 19.08.1857 Hoescheid
† 06.02.1938 Diekirch

amen geboren in Diekirch:
ng am 01.09.1907 nach Luxemburg
nt au champ d'honneur 1914-1918

RIES Marianne
Dikrich, am 01.02.1888
* 30.07.1862 Larochette
† 06.09.1939 Diekirch

Nachkommen:
• Jean * 26.02.1888

WEYER Louise
Dikrich, am 22.09.1913
* 20.03.1889 Diekirch

BOEHM Simon
Schuster
* 10.10.1774 Diekirch

Sohn von François Boehm-Anne Elis. Theis

STEINMETZ Anne Marguerite
Dikrich, am 30. Pluviose
Jahr VIII (19.02.1800)
* 21.02.1768 Diekirch
Tochter von Jacques Steinmetz-A Marie
Theis

BOEHM Catherine
Schneiderin
* 30.01.1813 Diekirch
† 21.08.1888 Diekirch

Tochter von Simon Boehm-Steinmetz



Eine Agenda für alle Veranstaltungen
rund um Natur, Umwelt und
Nachhaltigkeit in Luxemburg.

Un agenda pour toutes les
manifestations au sujet de la nature, de
l'environnement et du développement
durable au Luxembourg.

Suchen...
...finden...
...teilnehmen...



Cherchez...
...trouvez...
...participez...

...insérez Sie
eigene
Veranstaltungen!

...publiez vos
manifestations!

www.emwelt.lu

Koordination und Einträge
info@haus-natur.lu - Tel. 29 04 04-314

Pour
un développement
durable



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures
Département de l'environnement

natur&ëmwelt



Opruff un d'Veräiner

D'Redaktiounsequipe vum Däiwelselter bied d'Veräiner, déi eng
Manifestatioun ukënnige wëllen, hir dat sou fréi wéi méiglech matzedeelen
op **däiwelselter@diekirch.lu**
Mir freeën eis och doriwwe Detailer a Fotoen vun traditionellen
Evenementer, wéi Fester, Theaterowender, Konferenzen, asw. zur Zäit an
Erënnerung ruffen ze kënnen.

Mir soë scho Merci am Viraus

**D'Equipe vum Däiwelselter
wënscht alle Lieserinnen a Lieser
ganz sching Chrëstdeeg an e gudde
Rutsch an d'Jar 2011!**



www.diekirch.lu

